Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„De Moment loossen nach vill Baueren d'Béischten op der Weed, well d'Fuddersituatioun op de Wisen sech zanter dem verreente September spierbar verbessert huet. Déi aktuell, bal summerlech Temperature loossen d'Gras nach effektiv e bësse wuessen. An dach riskéiert et de Wanter iwwer méi enk mam Fudder ze ginn, engersäits wéinst der laanger Dréchent an anerersäits wéinst méiglech Liwwerengpäss.*

*Dofir wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen:*

- *Verfüügt den Här Minister iwwer ee gewëssenen Iwwerbléck betreffend d'Fuddersituatioun an eise Betriber? Wat sinn d'Réckmeldungen aus dem Secteur?*
- *Bei wat fir enge Fuddermëttel ass am Wanter an och soss mat Liwwerengpäss ze rechnen?*
- *Kann den Här Minister mer d'Entwécklung vun de Präisser an dësem Beräich zanter Juli 2022 opweisen?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten